# Richtegstellung zu den Falsch-Aussoen vun der CSV Käerjeng zum Contournement vu Bascharage

An engem Courrier adresséiert un d'Awunner aus verschiddene Stroossen vun der Gemeng schreift de Buergermeeschter Michel Wolter:
"*..... déi onsäglech nei Contournements-Diskussioun, **wou versicht gëtt dëse Projet mat allen Mëttelen ze verhënneren**, ......* "

**Als déi gréng Käerjeng kënnen mir des Ausso net esou stoen loossen. De Michel Wolter an d'CSV Käerjeng probéieren zanter Wochen a Méint eis (déi gréng) ze ënnerstellen, datt mir de Contournement wéilten verhënneren. Dëst ass awer absolut net de Fall.** Souwuel déi gréng Käerjeng wéi den gréngen Mobilitéits- an Infrastrukturminister hunn sech ëmmer kloer fir eng séier Ëmsetzung vum Contournement vu Bascharage ausgeschwat fir d'Gesondheet vun de Leit ze schützen an ze erlaben, iwwert de Réckbau vun der Avenue de Luxembourg, d'Liewensqualitéit an all eisen Uertschaften ze verbesseren.

Déi gréng Käerjeng hunn dozou op verschiddenen Plazen Positioun geholl. Dëst nach den 26 Mee 2023 wou mer am Gemengerot zesummen mat all deenen aneren Fraktiounen eng Resolutioun zum Contournement ugeholl hunn.
**Eis ass et wichteg:**
**- datt de Contournement séier ka gebaut ginn,**
**- datt en dofir op juristesch méiglechst sécheren Féiss steet an**
**- datt den Impakt op d'Natur sou kleng wéi méiglech ass.**
Eis Positioun, déi sech nach ni geännert huet, kënnt der hei noliesen:

https://deigrengkaerjeng.greng.lu/

Da wéilte mer awer och nach eng Kéier drun erënneren, dass et de grénge Mobilitéitsminister war deen de Contournement iwwerhaapt mol richteg ugepaakt, d'Finanzéierung séchergestallt an och duerch all d'Instanze bruecht huet. **De Minister Bausch betount ëmmer nees, dass de Contournement ee Puzzelstéck vum Plan national de Mobilité 2035 ass an domat een Deel vun der Léisung fir de Verkéiersproblem zu Käerjeng an am Kordall.**

**Déi gréng sinn deemno de Garant fir de séieren Bau vum Contournement. Dofir brauchen mer awer weiderhin eng konstruktiv Zesummenaarbecht tëschent all de Parteien a keng bëlleg Walkampfpolemik.**

déi gréng Käerjeng